DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

C. W. G. II BG -192 C. G. M.

N°32. So' secher we' ons Bierger wénken Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken - I.Juli I944

Mir wenden ons haut un eng gewësse Klass Lëtzeburger am Ausland,Belgien a Frankreich,ewell de moment ass do fir é Wuert dodriver ze schwätzen.

Dè allie'ert Armé'en hun débarqu'ert an définitif.Fir d'Preisen gét et vu Dag zu Dag schlechter,an der Dag ass net weit wô de Nazie-krôm zesumme brècht ewè e Kartespiel.Dén Dag werde mir verschidde Lëtzeburger d'Woe'erecht öffentlech so'en.

Haut stelle mir Iech schon zwô Fro'en.

I.Wat hut dir fir ert d'Land;

2.Wat hut dir fir ons letzeburger Jongen am Ausland gemét.?.

Bei déne méschten brauche mir ons net ze gene'eren et richt eraus ze so'en," vu patiotescher Aktivitèt,hun se neischt op ze weisen. Virum Krich wôr a Belgien dè letzeburgesch Colonie ziemlech important,mé wat ass aus déne Leit gin,

Hallo,mir ruffen Iech un,wôsid dir.?.

XXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXX

Et ass kén ze fannen,dat wëllt so'en,si sin all schèn ro'eg dohém.De ganze Krich huet kén énzege sech gemuckst,virum Krich,bei all Banquet,bei all officiel Reception,bei all Tédéum fir ons Grossherzogin,jé bei esou Sachen,do wôren sie allzeit an der Spëtzt, do huet dierfe kén Lëtzeburger aus dem einfache Vollek sech weisen.

Fir u mir,do léid eng Photo,vun engem Diner,gefei'ert zu Bre'ssel 1939.Johrhonnertfeier vun onser Onofhengegkét.Dè Gesichter,dè konnt én iverall gesin,bei all officiell Reception,ewell do wôr keng Gefohr,an do wôr et mèglech frè oder spéder eng Décoration ze erwëschen, do ass gedrènt a geschméchlt gin ëm onse Ministre,de Grôf vun Ansenburg.

Patriotesch Aktivitèt,jo Patriote,mé dohém am Salon,a Gesellschaft bei enger gudder Flèsch,oder an der Omgégend vun der Bourse,bei engem Kartespiel,Kritik,dat alles dat kenne sie.

Frôt sie bei enger Gelégenhét fir eng kleng Hellëf fir ons Jongen:

dat si sâchen,jô,ech géf gèren eppes gin,mè t'ass gefe'erlech, oder wann dat eraus kwèm.Ech erzielen Iech é Fall,é letzeburger Här, virum Krich,Président vun X.Gesellschaften,dén hat de Courage 100 Frs aus sengem Portefeuille zehuelen an 80 Frs.erëm ze fro'en.

Wèvill Misère hätt kenne getrëscht gin,wann de Klass vu Lëtzeburger hätt wëllen hei an do an de Portefeuille greifen.

De Freie Lëtzeburger huet sech oft genug un sis gewendt,nén de Freie Lëtzeburger ass selver bei der Sâch kritike'ert gin.

Do sin aner,dè hâten en Neveu oder é Coseng ze versuergen,dat huet hinne genuecht,dè aner Jongen,dat gong sie neischt un.All dè Class vu Lëtzeburger hâten t'Pflicht,schon am Ufang wè de knaschtege Punnel oogereckt ass,all Letzeburger ze ennerichten wè et ging stëmmen mat der V.D.B. Nén ,do wôr kén énzegen dén sech hätt wëllen an t'Gefohr setzen senge Lands'leit Dengster ze lèschten.

Am Ausland sin drei Zorten Letzeburger,dè eng sin ganz neutral bliewen,dè zwét hu gesicht gud Geschäfter ze man,dès Zort ass zielech gud vertrat,zu Bre'ssel,Antwerpen,jé iwerall.Et ass neischt,mir werden éer Mëcken schon's ze fanne wëssen,dè dret,dat sin d'Veräter an t'Gestapobanditen,dè werden vun ons besonnesch geflecht gin.

Haut ewô de Wand sech gedre'nt huet,do sin Lëtzeburger,dè behuele sech wè wann se mè patriotesch gesënnt wären,wè dejénech,ewô t'Gestapo schon's Joheren no hinne sicht.Elo wëllt dësen oder dén och actif sin, et ass net derwerd an et ass och ze spèd,mir brauchen Iech net mè.

Nén,haut do komme verschidde Persounen a wëllen ons all Somme Geld zur Verfügung stellen.Nén an nach émol nén,mir brauche neischt mè, mir hun fir ons Jongen alles wat sie brauchen,

Bei de Jongen ent'schellegen mir ons dat mir net eschter konnte brengen wat nèdeg wôr,mir hun alles gemèt wat menschemèglech wôr.

t'Gefohr,wôr dè net do fir dè Leit,dè all hir frei Zeit,all Mè sech gin hun,hirt Liewen vu sech an hiren Familjen o t'Spiel setzen, ass t'Gefohr net do wann én den Héschesack muss man fir onsen onglecklechen Jongen zu Hëllef könne gôn an sichen t'Jongen ze placé'eren, an zulescht DE FREIE LETZEBURGER eraus gin.

Nén,bei all déne sachen do ass keng Gefohr,nëmme bei dé'er Klass Lëtzeburger do wôr kén dén et der Mè wert font huet,sech dorem ze bekemmeren.Nëmmen dén Dag,ewô t'Press erem frei ass,dén Dag werde mir t'Recht kré'en Iech ze brandmarken fir ëmmer..........

A fir ons,dir sid keng Lëtzeburger mè. Forts.nächs.

:::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

All letzeburgesch Verräter a Feiglinge sin opgefuordert,am Ausland,Belgien a Frankreich,hird Verbriechen un der Hémecht ze repare'eren,a sofort zesummen aus der V.D.B. an aus dem Hilfspolizeidengscht auszetriéden. Sollten se awer deser Opfurderong keng suite wëlle gin, da werd d'L.P.L. derzo suergen dat d'Judassen der Strôf net entgin.

::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Ons Bre'fkëscht ass ausgesât bis dè nächst Nummer.

ooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooo

Belgian War Press




Nr.52.

I.Juli 1944

Mir wenden ons haut un eng gewess Classe Letzeburger am Ausland, Belgi[illegible] a Frankreich, ewell do Moment ass ko[illegible] é Wuert do driver ze schwätzen, Dé alliíé'ert Armé'en hum débarquéíert an définitif. Fir d'Preisen gét et v[illegible] Dag zu Dag schlechter, der Dag ass no[illegible] wé[illegible] wo de Nazie-krêm zesummo bréch[illegible] ewé é Kartespiel. Dén Dag werde mir verschidde Letzeburger d'Woe'orecht öffentlech so'en.

Red. Dongens Dommy Letzburg.
===================================

Haut stelle mir Iech schon zwo-Fro'en.

I. Wat hud dir fir ert d'Land:
2. Wat hud dir fir ons lezeburger Jongen am Ausland gemét?

Bei déne méschten brauche mir ons net ze gené'eren et richt eraus ze so[illegible] vu patriotesch Aktivitét, hun se neischt op ze weisen. Virum Krich wôr a Belgien dé letzeburgesch Colonie ziemlech important, mé mat ass aus déne Le[illegible]

Hallo, mir ruffen iech un, wôsid dir.
??????????????????????????????????

Et ass kén ze fannon. dat wellt so'en si sin all schén ro'eg dohém. De ganze Krich huet kén énzege sech gemuckst, virum Krich, bei all Banquet, bei all officiel Receptiou, bei all Tédéum fir ons Grossherzogin, jo bei esou Sachen, do woren sie all zeit an der Spetzt, do huet dierfe kén Letzeburger aus dem einfache Vallek sech weisen,

Fir u mir, do leid eng Phote, vun engem Diner, gefeiert zu Bréssel 1939. Johrhonnertfeier vun onser Onofhengegkét. Dé Gesichter, dé kont én iwerall ges[illegible] bei all officiell Réception, ewell do wor keng Gefohr, an do wor et méglech fré oder spéder eng Décoration ze erwéschen, do ass gedrént a geschméchelt gin, em onse Ministre de Grâf vun Anseu burg.

Patriotesch Activitét, jo Patriote, mé dohém am Salon, a Gesellschaft bei eng gudder Flésch, oder an der Omgégend vun der Bourse, bei engem Kartespiel, Kritick, dat alles dat kenne sie.

Frot sie bei enger Gelégenhét fir eng Kleng Hellef fir ons Jongen: dat sin Sachen, jo ech géf jo géren eppes gin, mé t'ass geféorlech, oder" wann dat er[illegible] kém". Ech erzielen iech é Fâ'l, é letzeburger Her, virum Krich, Président vun X Gesellschaften, dén hat de Courage 100 Fr. aus sengem Portefeuille zehuelen, an 80 Fr. erem ze fro'en.

Wévill Misére hätt kenne getröscht gin wann dé Classe vu Letzeburger hätt wöllen hei an do an de Portefeuille greifen.

De Freie Letzeburger huet sech oft genug un sie gewendt, nén de Freie Letzeburger ass selver bei der Sâch kritiké'ert gin.

Et sin aner, dé hâten en Neveu oder é Coseng ze versuergen, dat huet hinne ge[illegible] macht, dé aner Jongen, dat geng se neischt un.

All dé Classe vu Letzeburger hâten t'Pflicht, schon am Ufang wé de knaschteg Punnel opgerekt ass, all Letzeburger ze ennerichten wé et ging stemmen mat der V,D.B. Nén, do wor kén enzegen dén sech hätt wellen an t'Gefohr setzen sengo Lands'leit Dengster ze léschten.

Am Ausland sin drei Zorten Letzeburger, dé eng sin ganz neutral bliewen, dé zwét hu gesicht gud Geschäfter ze man, dé Zort ass ziemlech gud vertrat. zu Brëssel, Antwerpen, jé iwerall, Et ass neischt, mir werden éer Möcken schon ze fanne wessen, dé drét, dat sin d'Verräter an t'Gestapobanditen, dé werden vun ons besonnesch gefecht gin.

Haut ewou de Wand sech gedré'nt huet, do sin Letzeburger, dé behuele sech, wé wann se mo Patriotesch gesënt wären, wé déjénech, ewo t'Gestapo schon's zwé J Jo'er no hinne sicht. Elo wellt desen oder dén och actif sin, [illegible] an et ass och ze spéd, mir brauchen Iech net mé.

C.W.O.II
C.2.G.M.

Nén,haut do komme verschidde Persoûnen,a wellen ons all Somme Geld zur Verfugung stellen.Nén a nach émol nén,mir brauche neischt mé,mir hun fir ons Jongen haut alles wat sie brauchen. (konnte)

Bei de Jongen ent'schellegen mir ons,dat mir net eschter brengen wat néd wor,mir hun alles gemét wat menscheméglech wor.

T'Gefohr,wor dé niet do fir dé Leit,dé all hir frei Zeit,all Méh sech gin Hirt t'Lieven vu sech an hiren Famillje op t'Spiel setzen,ass t'Gefohr net do wann én den Héschesák muss man fir onsen ongléklechen Jongen zu Hellef kemme gon an sichen t'Jongen ze placé'eren,an zulescht,De Freie Letzeburger eraus gin

Nén,bei all déne Sáchen do ass keng Gefohr,nemme bei dé'er Classe Letzebuerger do wor kén dén et der Méh wert font huet,sech dorem ze bekemmeren.

Kommen dén Dag,ewo t'Press erem frei ass,den Dag werde mir t'Recht kré'en ze brandmarken fir emmer.--- A fir ons,Die sid keng Letzeburger méh,

================================================= Forts,nách

A V I S.

++++++++++++++++++++++++

Vum interalliéerten Owercommando sin dé Patrieten an allen occpé'erte Lanner per Radio Instructionen zo gangen,dé ons Flicht an onsen Interét ass befellechen.

Ons Gr.Duchesse an ons Régirong hu weider a verschiddene Messagen un ons Patriotisme appelé'ert an ons weider zur organisé'erter Résistenz opgefuerd

D'L.P.L. huet net op sech warde gedunn.Si stéht zenter 1940 op der Bres a prédigt an organisé'ert am ganze Lann d'Résistenz gént d'Nazityrannei.

D'L.P.L. huet un hir aktiv Memberen Geheiminstructionen erdélt fir den Dag vun der Liberation. Et ass derfir ze suergen dat dé Instructionen och u all Localcomités virugelét gin ; sollten,énzel Comités durch Déportation,e zesumme gefall sin,dann ass durch Vertrauensleit é neie Comité ze bilden.

Letzeburger Patrieten : Schle'sst Ech der L.P.L. un : Observé'ert hir Uweisongen.

Ons Organisation huet,wé Dir wesst,keng ageschriwe Memberen.Member vun L.P.L.sin all Letzeburger dé hirem Lann trei bliwe sind an ons patriotesch Aktion approuvé'eren an ennerstützen.

Follegt dofir weider,elo mé ewi jé,mat Disciplin an Diskrétion ,den Order vun der L.P.L.

Wann de Moment kent,wo d'geheim Aktion an eng offen Aktion iwergéht,dan erkennt Dir ons aktiv Memberen un hire rot/weiss/bloe Brassards mat dem Stempel vun der L.P.L.

Hinnen huet Dir Ech unzeschlé'ssen,hir Orderen auszefé'eren;
Eng Opposition gént hir Orderen kann op ké Fall toleré'ert gin,

Speziell un ons Letzeburger Fonctionnaren a Gemengebeamten ergéht hei den Appell,mat alle Kreften un der Befreiongsaktion Dél ze huelen,a sech den Ordere vun der L.P.L. ze ennerstellen,bis zum Moment ewo' ons Régirong erem selwer am Lann ass.

Allen onse Memberen rappellé'ere mer ons Mots d'ordre:
Sed disciplinė'ert,verschwigen,virsichteg.net vireileg.

Vive Letzeburg.

++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++++

All letzeburgesch Verräter a Feiglinge sin opgefuordert am Aussland, Frankreich á Belgien,hird Verbráchen un der Hémecht ze reparé'eren,a sof zesummen aus der V.D.B.an aus dem Hilfspolizeidengscht auszetriéden, Sollten se awer deser Opforderong keng suite wölle gin,da werd d'L.P.L. ze suerge wessen dat d'Judassen der Stråf net entgin.

------------------------------------

Ons Bréf'késcht ass erem ausgesât bis dé nächste Nummer.

++++++++++++++++++++++++++